- Um Niveau vun den gewéinlechen Ausgabe bleibt ze präzisieren dat di geplangten Hausse duerch d'Augmentatioun vun de Paien ze erklären ass (Index + Salarisatsofkommes) an der Hypothees vun engem konstanten Effektiv an enger Réi vun Elementer déi schon op der Säit 13 ernimmt goufen,
- Wat di gewéinlech Recette ugeet ass ze präzisieren dat 78% vun 2 Artikelen betreffend Versementer vum Staat kommen:
 - de Fonds Communal de Dotation Financière
 - den Impôt Commercial Communal
- Well d'Recette déi un di uewe genannte Budgetartikelen gebonnen ass, en fonctioun vun der Populatioun vun der Gemeng evoluéiert, kenne mir dorausser schléissen dat, op Basis vun den 3.769 Awunner (Situatioun vum 31/12/2011), all Awunner aktuell eng Recette vun 2.069€ generéiert,



GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 30. Januar 2012

- D'Haaptinvestitiounsprojeten vum Budget vun den aussergewéinlechen Ausgaben (Säit 14) sinn detailléiert erklärt ginn,
- Beim Thema iwwert Instandsetzung vun den Infrastrukture an der Cité „Galgebierg“ muss een op de Fait dorops opmierksam maachen dat den éischten Devis vun 1,6 Milliounen Euro dee vum Gemengerot approvéeiert gouf ëm 535.000€ iwwerschrott gouf. Mir kënnen dorausser schléissen dat de Schäfferot vu virdrun Decisioune getraff huet ouni den Accord vum Gemengerot ze froen. Den Här Claude BOSSELER (CSV) ass mat dëser Behauptung net averstan, well hien der Meenung ass dat di néideg Informatiounen iwwert di betreffen Aarbechten an de Sëtzunge vum Gemengerot vermëttelt goufen. Den Här Max HAHN (DP) präziséiert dat all Depassement vun enger gewëssener Gréisst an Zukunft dem Gemengerot zur Approbatioun virgeluecht muss ginn.
- Wa mir gesinn dat enger Sait's Ënn 2012 ee gesamt Boni vun 1,5 Milliounen Euro geplangt ass an dass d'Verschëldung sech anerer Sait's op 1,0 Milliounen Euro beleeft, kann een draus schléissen dat di aktuell finanziell Situatioun vun der Gemeng gesond ass. De Benefice um Ënn vum Joer fällt sécherlech och nach méi héich aus, sou wei di prozentual Entwécklung vun den Ausgaben an den Einnamen an de läschte Joeren et beweist.

Den Här Romain HAAS (LSAP) presentéiert uschléissend d'Resultater vun der Planification Financière Pluriannuelle 2013-2017 déi an Zesummenaarbecht mat M.C. Management Consultants opgestallt gouf.

Am Kader vun der bestehender Methodologie sinn eng ganz Rei vun Donnéeën an Haaptcritèren aktualiséiert gi fir eng nei Schätzung betreffend d'Entwécklung vun der finanzieller Situatioun vun eiser Gemeng virleeën ze kënnen.

Folgend Observatioune sinn zu deem Thema gemaach ginn:

- Di Joere virdrun huet den ale Schäfferot et ni fäerdeg bruecht fir esou en plan pluriannuelle de financement an der Sëtzung vum Vote zum Budget virzeleeën. Di lescht Aktualiséierung ass am Juni 2011 gemaach ginn an d'Resultat dovunner ass ni an enger Sëtzung vum Gemengerot presentéiert an diskutéiert ginn,
- Well d'Entwécklung vun der Populatioun an dësem Kontext immens wichteg ass, huet de Schäfferot den Zouwuess vun der Populatioun en fonctioun vun den

urbanistesche Projeten, déi am gaang sinn, bescht méiglech evaluéiert.

- Fir d'Periode 2013-2017 huet d'Etude en globalen Zouwuess vu 400 Leit virgesinn. Zu dësem Thema gëtt et eng Meenungsverschiddenheet tëschent der Majoritéit an der Opposition. Dat Dokument vu virdrun wat vum ale Schäfferot opgestallt gouf ass vun engem alljährechen Zouwuess vu 15-30 Awunner ausgang. Wéi mir awer wëssen ass d'Populatioun 2011 ëm 80 Leit an d'Luucht gaang an dat den natierlechen Zouwuess vun eiser Bevëlkerung pro Joer an der Moyenne bei 16 Persoune läit, ass et onverständlech dat een d'Konsequenzen vun den genehmegten an a Bau befënnlechen Lottissementer ze vernoléisegen ausser et wëll een eng pessimistesche Situatioun presentéieren,
- Um Niveau vum Enseignement bezéien sech d'Estimatiounen op eng konstant Unzuel vu Klassenjäre (22),
- D'Charge nette vun de geplangten Investissementer belafen sech fir d'Periode 2012-2017 op 31 Milliounen Euro,
- D'Verschëldung vun der Gemeng klëmmt 2017 op 8,6 Milliounen € an d'Verschëldung pro Awunner gëtt op 2.100 € geschat,
- De Plan prévisionnel vun den Investissementer schéngt also ouni Problem finanzéierbar ze sinn,
- Den Här Claude BOSSELER (CSV) konfirméiert dat de presentéierte Budget zu engem groussen Deel an der Kontinuitéit vun der Politik vun der aler Majoritéit läit. Och wann d'Konselljeeën vun der CSV mat verschiddenen Detailer net averstane sinn, wéi d'Ofrappe vum Forrettshaus, hunn si trotzdem decidéiert fir de Budget ze approvéeieren well di global Ausriichtung och hiren Iddien entsprécht.

2.1. Verbesserte Gemengebudget vum 2011 (Säiten 12-14).

Decisioun: De verbesserte Gemengebudget 2011 ass eestëmmeg ugeholl ginn.

2.2. Gemengebudget fir 2012 (Säiten 12-14).

Decisioun: De Gemengebudget fir d'Joer 2012 ass eestëmmeg ugeholl ginn.

3. Verschiddenes.

Näischt

De Buergermeeschter mëscht d'Sëtzung zou.



GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 19. Mäerz 2012

Present:

Ady Hahn (LSAP), Buergermeeschter

Max Hahn (DP), Romain Haas (LSAP), Schäffen

Jean-Paul Bleser (LSAP), Arsène Berger (DP), Gaston Braun (LSAP), Manon Bei-Roller (LSAP), Claude Bosseler (CSV), Armand Kariger (CSV), Carlo Neu (CSV), Benoît Theisen (CSV), Konselljeeën

Claude Elsen, Sekretär

Entschëllegt:

Claude Bosseler (CSV), Konselljee

ORDRE DU JOUR

A) Geheimsëtzung (15:00 Auer)

1. Designatioun vun engem Kandidat am Kader vun der Nominatioun vun de Membere vun der Loyerskommissioun, wou d'Gemeng Dippech zesumme mat anere Gemenge vertraueden ass, opgrond vum Gesetz an där Matière.

Opgrond vum Gesetz vum 21. September 2006 iwwert de Loyer a verschidden Dispositiounen vum Code Civil, sou wéi duerch d'groussherzoglecht Reglement vum 19. Februar 2008 wat ënnert anerem d'territorial Kompetenzzone an de Sëtz vun de Loyerskommissiounen, déi fir all Gemeng mat manner wéi 6000 Awunner agefouert gouf, festleet, ass ze notéieren dat de Mandat vun de Membere vun der bestehender Loyerskommissioun, déi fir éis Gemeng zoustänneg ass, no de Gemengewahle vum 9. Oktober 2011 ofgelaf ass.

Eis Gemeng ass a Saachen vum Loyer, un d'Loyerskommissioun vun Kanton Esch/Uelzecht rattachéiert, déi all d'Gemengen mat manner wéi 6000 Awunner aus dem Kanton rassembleiert an eis. D'Kommissioun muss duerch eng gemeinsam Versammlung vun de betraffene Gemengeréit, opgrond vun enger Kandidatelëscht déi vun all eenzelne Gemengeréit definéiert gëtt, nei zesummesat ginn.

Sou ass eise Gemengerot opgeruff sech iwwert sou eng Kandidatelëscht auszesprechen, déi eng eenzeg Propositioun pro Kategorie enthält. D'Kategorie sinn:

- een Assesseur deen d'Locataire vertrëtt,
- een Assesseur deen d'Propriétaire vertrëtt,
- een Assesseur Suppleant deen d'Locataire vertrëtt,

- een Assesseur Suppleant deen d'Propriétaire vertrëtt.

Dës Lëscht muss net komplett sinn.

Déi eenzeg Kandidatur iwwert déi de Gemengerot sech muss aussprechen an där Matière ass déi vum Här Armand KARIGER (CSV), Member vum Gemengerot.

Decisioun: Den Här Armand KARIGER ass beim Geheimvoté, un deem hien net deelgeholl huet, als Kandidat vun der Gemeng Dippech fir d'Funktioun vu Member vun de Propriétaire fir d'Loyerskommissioun confirméiert ginn.

B) Öffentlech Sëtzung (15:15 Auer)

1. Schafe vun engem Salariésposten fir eng Volltache vun haaptsächlech intellektueller Aarbecht an der Carrière D déi op ee Joer begrenzt ass, als Ersatz vun engem Congé de Maternité mat dorop folgendem Congé Parental.

D'Madame Diane FEIPEL, Redakter am Gemengesekretariat geet geschwënn an de Congé de Maternité mat dorop folgendem Congé Parental. Et gëtt proposéiert fir e Salariésposten fir eng Volltache vun haaptsächlech intellektueller Aarbecht an der Carrière D déi op ee Joer begrenzt ass ze schafen, fir hir Ofwiesenheet ze kompenséieren an di aner Servicer net ze belasteschen.

Decisioun: De Salariésposten an der Carrière D ass eestëmmeg geschaf ginn.

2. Gemengenaarbechten

2.1. Projet an Devis iwwert d'Realisatioun vun enger Pompjeeskassär mat Atelierer fir d'Gemengenaarbechter zu Spréngeng um Lieu-dit „Auf den Gehren“.

Well den Atelier an d'Garage vun den Gemengenaarbechter esou wéi di zwou Kassären vun de Pompjeeën vu Betten op der Mess a vun Dippech absolut net méi de Besoine vun enger moderner an ugepasstener Gestiou vun dese Servicer entsprechen, gouf proposéiert fir nei Lokaler an deem Sënn zu Spréngeng ze schafen, déi di néideg Facilitéiten virgesi fir en tadelosen Funktionnement vun dese Servicer ze garantéieren (wat den Ënnerhalt vun de Gefierer, d'Lagerung vum Material, etc ugeet). En éischte Projet gouf vum Gemengerot am Laf vum Joer 2011 approvouiert. Zu dem Zäitpunkt proposéiert de Schäfferot en ofgeännerten Projet, haaptsächlech um



GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 19. Mäerz 2012

Niveau vum Accès op de Site. D'Gebaier déi virgesi sinn, sinn just liicht ofgeännert ginn. Den Devis fir dëse Projet, ouni d'Käschte fir den Accès, beleeft sech op 5.605.372,01€ (mat all den Taxen an Honorairen).

Op Basis vun de presentéierte Pläng gëtt den Här Max HAHN (DP) di néideg Erklärungen:

- Fir d'Koalitioun LSAP-DP ass dëse Projet eng vun den absolute Prioritéiten,
- Et handelt sech ëm 2 getrennte Gebaier di sech gutt an d'Landschaft upasse kënnen,
- Wat Zoufahrsstrooss op den Terrain ugeet, en Thema de virun de Gemengewahle staark diskutéiert ginn ass, muss präziséiert ginn dat mir ganz schnell den Accord vun der Stroossebauverwaltung kritt hunn fir den Accès ze realiséieren ouni zousätzlechen Terrain ze kafen, beispillsweis dee vum fréiere Buergermeeschter Claude Bosseler,
- Op Wonsch vun de responsabele Pompjeeën ass Gestaltung bannen am Gebai nach geännert ginn,
- Den Daach vun der Pompjeeskasär gëtt mat enger Photovoltaik Anlag vu 400m² equipéiert,
- D'Aarbechte sollen da spéitstens zum Ufank vun 2013 lass goen.

Wat den aktuellen Devis betrëfft, do huet den Här Romain HAAS (LSAP) informéiert datt dëse liicht ënnert deem vum Projet läit, den 2011 approvéiert gouf. Trotzdem dass de Bauindex an d'Luucht gaangen ass, hunn d'Präisser net geännert, dëst well d'Gewënnsplan vun den Entrepreneuren erof gaangen ass.

A Saache Subside vum Staat, kënne mir bestätegen datt eis Gemeng bis zu engem Maximum vu 40% vun de Baukäschte fir den Atelier kann zeréckbezuelt kréien. Fir d'Pompjeeskasär ass nëmmen en Subside vun 150.000€ virgesinn. Et bleift nach ze klären op duerch d'Fusioun vun den 2 Pompjeescorpsen en weidere Subside méiglech ass.

Decisioun: De Projet iwwert Realisatioun vun enger Pompjeeskasär mat Atelier fir d'Gemengenaarbechter ass eestëmmeg ugeholl ginn.

2.2. Projet an Devis iwwert d'Realisatioun vum Stroossenaccès mat Moosname fir d'Reewaasser zeréck ze halen am Kader vum Bau vun enger Pompjeeskasär mat Atelier fir

d'Gemengenaarbechter zu Spréngeng um Lieu-dit „Auf den Gehren“.

Am Laf vum Joer 2011 huet de Gemengerot en éischte Projet fir den Accès op de Site approvéiert zesumme mat engem Projet fir en Gemengenatelier an eng Pompjeeskasär déi am leschte Punkt zur Diskussioun stoung. De Schäfferot proposéiert elo en ofgeännerten Accès den iwwert deem Terrain geet deem fir d'Gebailechkeeten virgesinn ass, dëst an der Héicht vu 525.000€ (mat all den Taxen an Honorairen).

Den Här Romain HAAS (LSAP) bemierkt datt den Devis fir den éischte Projet vum Stroossenaccès sech op 560.000€ chiffriert huet.

D'Hären Armand KARIGER (CSV) an Carlo NEU (CSV) froen e puer Präzisatiounen iwwert den ofgeännerten Accès. D'Schäffe Max HAHN (DP) an Romain HAAS (LSAP) ginn di néideg Erklärungen.

Decisioun: De Projet iwwert d'Realisatioun vum Stroossenaccès mat Réckhalteemoosnamen fir d'Waasser am Kader vum Bau vun enger Pompjeeskasär mat Atelier fir d'Gemengenaarbechter ass eestëmmeg ugeholl ginn.

2.3. Projet an Devis iwwert d'Installatioun vun enger Photovoltaikanlag am Kader vum Bau vun enger Pompjeeskasär mat Atelier fir d'Gemengenaarbechter zu Spréngeng um Lieu-dit „Auf den Gehren“.

Am Sënn fir nohalteg Infrastrukturen ze schafen an am Respekt vun den natierleche Ressourcen, gëtt proposéiert fir um Dach vun der Pompjeeskasär op der Südsäit eng Photovoltaikanlag ze installéieren. Den Devis beleeft sech op 187.473,00€ (mat all den Taxen an Honorairen).

Zu dësem Thema gëtt den Här Romain Haas (LSAP) folgend Informatiounen :

- Di geplangten Anlag erlaabt eng duerchschnëttlech Joeresproduktioun vu 46000 kWh,
- De Moment ginn 0,32 € /kWh bezuelt, sou datt de Joeresrevenu 15.000 € erreche kann,
- No 10 Joer fänkt d'Anlag un rentabel ze ginn,
- Mat enger Liewensdauer vun iwwer 30 Joer ka gerechent ginn,
- Mir kënnen ongeféier 25 Tonne CO₂ aspueren.

Esou wéi et scho vun anere Gemenge praktizéiert gëtt, proposéiert den Här Jean-Paul BLESER (LSAP) de Bierger



GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 19. Mäerz 2012

d'Méiglechkeet ze ginn sech ze bedeelegen un der Anlag a Copropriétéit.

Decisioun: De Projet iwwert d'Installatioun vun enger Photovoltaiksanlag am Kader vum Bau vun enger Pompjeeskass mat Ateliere fir d'Gemengenaarbechter ass eestëmmeg ugeholl ginn.

2.4. Projet an Devis iwwert d'Verstärkung vun der Kanalisatioun an der Dräikantonsstrooss a vum Kollekteur vun der Dippach-Gare um Territoire vun der Gemeng Reckeng. Decisioun iwwert de Projet well d'Gemeng Dippach un de Käschte bedeelegt ass.

D'Kanalisatioun an der Dräikantonsstrooss op der Säit vun der Gemeng Reckeng ass ënner-dimensionéiert, sou dat verschidden Haiser um Territoire vun der Gemeng Reckeng regelméisseg mat Iwwerschwemmunge confrontéiert sinn. Et gëtt proposéiert de Problem mat dësem Projet, dee virgesäit fir d'Kanalisatioun ze erneieren an 2 Waasserréckhaltebasengen ze schafen, ze behiewen. Wëll verschidde Stéit um Territoire vun der Gemeng Dippach un di betreffen Abschnitter ugeschloss sinn an wëll si zu der Situatioun bäisteieren, gëtt proposéiert fir d'Käschten ënnert de Gemenge Reckeng an Dippach zu jeweils 50% opzedeelen. De Projet ass op ongeféier 700.000,00€ geschat (mat all den Taxen an Honorairen), wou e Subside vum Staat vun ongeféier 340.000,00€ ofzehalen ass. Sou missten di zwou Gemengen e Gesamtmontant vun ongeféier 360.000,00€ zu gläichen Deeler iwwerhuelen.

Decisioun: De Projet iwwert d'Verstärkung vun der Kanalisatioun an der Dräikantonsstrooss a vum Kollekteur vun der Dippach-Gare ass eestëmmeg ugeholl ginn.

3. Konventioun fir di gemeinsam Notzung vum Eco Center zu Käerjeng tëscht de Gemeng Käerjeng an Dippach an de betreffende Règlement d'Ordre Intérieur.

Dës Konventioun mam betreffende Règlement d'Ordre Intérieur déi vun de Schäfferéit vun den zwou Gemengen ënnerschriwwen goufen an déi nach de betreffende Gemengeréit musse virgeluecht ginn, gesinn d'Modalitéite vum gemeinsame Funktionnement vum Eco Center vir a besonnesch di finanziell Dispositiounen (Bedelegung vun der Gemeng Dippach un den Exploitatiounskäschten au prorata vun der Bevëlkerung), wéi och di praktesch Dispositiounen vum

Funktionnement wéi d'Öffnungszäiten, d'Unhuele vum Offall, etc.

Den Här Max HAHN (DP) präziséiert datt di concernéiert Konventioun vun der Ëmweltkommissioun analyséiert gouf. Verschidde Froe konnte gekläert ginn, während aner hir Léisung eréischt no enger Testphase vun e puer Méint wäerte fannen.

D'Eröffnung vum Eco Center kritt Verspéidung duerch de Problem vun engem Konstruktionsfehler.

Den Här Benoît THEISEN (CSV) freet eng Präzisatioun iwwert den Accès deen virgesinn ass fir di Responsabel vun de lokale Veräiner. Den Här Arsène BERGER (DP) konfirméiert dat d'Benotze vun de Veräiner berücksichtegt gëtt.

Decisioun: Dokumenter iwwert di gemeinsam Notzung vum Eco Center zu Käerjeng tëscht de Gemeng Käerjeng an Dippach sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

4. Immobilientransaktiounen (Kierchefabrik vu Schuller)

4.1. Austausch vu Fongen tëscht der Kierchefabrik vu Schuller an dem Här THIRY Claude vu Schuller. Avis iwwert den Acte vum Notaire betreffend dës Transaktioun.

Op den éischte Mäerz 2007 huet de Gemengerot e positiven Avis iwwert eng Immobilientransaktioun tëscht der Kierchefabrik vu Schuller an dem Här THIRY Claude vu Schuller ausgesprach, betreffend en Austausch vu Fonge vu verschiddenem Wäert tëscht den Parteien als gëeegenten Ausgläich. Elo ass den betreffenden Acte vum Notaire vum Maître Alex WEBER, Notaire mat Sëtz zu Käerjeng, ukomm a muss nach dem Gesetz no vum Gemengerot aviséiert ginn.

Decisioun: E positiven Avis ass eestëmmeg ausgeschwat ginn.

4.2. Areeche vun enger Servitude vun der Kierchefabrik vu Schuller un den interkommunale Syndikat SES. Avis.

D'Kierchefabrik vu Schuller accordéiert dem interkommunale Syndikat SES (Syndicat des Eaux du Sud) eng Servitude duerch eege Fongen zu Spréngeng, um Lieu-dit „Bei Rohlemer“. Dësen Accord vun der Servitude gouf virum Maître Alex Weber, Notaire mat Wunnsëtz zu Käerjeng, déposéiert. Dës Demarche muss nach vum Gemengerot aviséiert ginn.

Decisioun: E positiven Avis ass eestëmmeg ausgeschwat ginn.



GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 19. Mäerz 2012

5. Subsid fir d'Pompjeeë vu Betten op der Mess a vun Dippech am Kader vun der Zoulag vun engem Deel vum Akommes um Niveau vun der Facturatioun vu verschiddene Prestatioune vun de Pompjeeën (Exercice 2011).

Am Laf vum Joer 2011 huet d'Gemeng en Akommes vun 1.350.-€ am Kader vun der Facturatioun vu verschiddene Prestatioune déi vun de Pompjeeën opgrond vum betreffende Gemengereglement getätegt goufe verbucht. Well d'Pompjeeën dës Prestatioune getätegt hunn an deems dat si hir Leit zur Verfügung gestallt hunn, ass et kloer dat en Deel vum Akommes hinen ze gutt steet. Et gëtt proposéiert de betreffende Pompjeeën en Undeel vun 80% vum Gesamtkommes als Subsid fir 2011 zoukommen ze loossen.

Decisioun: De Subsid fir d'Pompjeeë vu Betten op der Mess a vun Dippech ass eestëmmeg accordéiert ginn.

6. Zurkenntnisnahm vun de Statute vum Veräin 'Dippecher Dachsen Asbl' an der Associatioun 'Tuning4Honor Asbl'.

Decisioun: Keng Decisioun ze huelen.

7. Verschiddenes

Den Här Benoît THEISEN (CSV) wëllt wësse wat mam Terrain nieft der Gemeng geschitt nom Ofrappe vum Forrettshaus. Den Här Max HAHN (DP) äntwert datt een provisoeresche Parking installéiert gëtt.

De Buergermeeschter mäsch d'Sëtzung zou.



Les commissions communales

D'Gemenge Kommissiounen

COMMISSION DE L'INTÉGRATION

FONCTION	NOM	PRÉNOM	NATIONALITÉ	PARTI POLITIQUE
Présidente	Van Laarhoven-Newman Day	Lisa	GB	LSAP
Vice-Présidente	Diederich-Warren	Beryl	L	DP
Secrétaire (Fonctionnaire)	Moro-Bintner	Karin	L	Commune de Dippach
Membre effectif	Hahn	Ady	L	LSAP
Membre effectif	Bosseler	Claude	L	CSV
Membre effectif	Van Wissen	Hubert	L	CSV
Membre effectif	Breda Dos Santos	Elvis	P	Société civile
Membre effectif	Castellvhi-Makhlouf	Lucile	B	Société civile
Membre suppléant	Reuter-Gilles	Claudine	L	CSV
Membre suppléant	Wilwert	Lea	L	CSV
Membre suppléant	Gira	Mike	L	DP
Membre suppléant	Wester	Pascal	L	LSAP
Membre suppléant	Huremovic	Muris	L	LSAP
Membre suppléant	Sorensen-Fast	Bettina	DK	Société civile
Membre suppléant	Brooks-Brophy	Deborah	GB	Société civile

LES COMMISSIONS CONSULTATIVES DE LA COMMUNE DE DIPPACH *

COMMISSION	PRÉSIDENT(E)	VICE-PRÉSIDENT(E)	SECRÉTAIRE
des archives	Moris Jean (décédé) remplacé par Mr Kandel Aloyse	Rauland Marcel	Hansel Gilbert
des bâtisses	Huremovic Muris	Koroglanoglou Savas	Tanson Serge
de l'environ. et des chemins ruraux	Berger Arsène	Braun Gaston	Jones Carlo
de la circulation	Berger Arsène	Warnier Jeannot	Jones Carlo
des affaires cult. et des fest. communales	Bleser Jean-Paul	Weis Ander	Wilhelm Raoul
à l'égalité des chances entre h. et f.	Warnier Carole	Diederich-Warren Beryl	Ludewig Jean-Luc
des finances	Huremovic Muris	Meyers Philippe	Koroglanoglou Savas
de la jeunesse	Pauly Natacha	Braun Nora	Scotto di Perta Flavio
du jumelage	Mischo Robert	Kariger Armand	Moro-Bintner Karin
scolaire	Bei-Roller Manon	Meyers Philippe	Elsen Claude
des sports	Schmit Dan	Braun Yannick	Léthé Marco
de l'intégration	Van Laarhoven-Newman Day Lisa	Diederich-Warren Beryl	Moro-Bintner Karin
du 3 ^e âge	Warnier-Esch Anny	Delleré Marie	Van Wissen Hubert

* D'Kompositioun vun all de berodende Kommissiounen steet am Gemengebuet 1/2012.

* La composition complète des commissions consultatives figure dans le bulletin communal 1/2012.

Rétrospective

Démolition de la maison "Forrett"

Réckbléck

Ofrappen vum Forrett's Haus



Au courant de l'année 2010 la propriété sise à Schouweiler 19, rue de l'église, fut l'objet d'une vente par voie d'adjudication immobilière.

Comme il s'agit d'un terrain situé directement à côté de la mairie, les conseillers communaux étaient, à l'unanimité, d'avis que la commune de Dippach ne devrait pas laisser louper l'opportunité unique pour acquérir cette propriété, située au centre du village.

Sur la parcelle, d'une superficie de 24 ares, se trouvaient une maison d'habitation nécessitant un assainissement fondamental et des dépendances agricoles en état de vétusté absolue.

Une expertise indépendante estimait la valeur de l'objet en question à +/- 1,0 million d'€.

Comme la commune de Dippach était la meilleure offrande, elle a réussi à devenir propriétaire des immeubles en question pour le coût final de 1,1 millions d'€.

En 2011, l'ancien collègue échevinal a procédé à la démolition des étables (coût: 78.000 €), sans toucher à la maison d'habitation.

Am Laf vum Joer 2010 ass d'Propriétéit op 19, rue de l'Eglise zu Schuller duerch eng Immobilienstee verkaf ginn.

Well dësen Terrain direkt nieft der Gemeng läit, waren d'Gemengekonselljeeën eestëmmeg der Meenung dat d'Gemeng sech dës eemoleg Opportunitéit net entgoe konnt loosse fir dës Propriétéit unzeschaffen, déi am Zentrum vum Duerf läit.

Op der Parzell, déi eng Fläch vu 24 Ar huet, stoungen e Familljenhaus wat eng komplett Sanéierung erfuerdert hätt, an e landwirtschaftlecht Niewegebai a baufällegem Zoustand.

Eng onofhängeg Expertise huet d'Valeur vum Objet op +/- 1,0 Milliounen € geschat.

D'Gemeng Dippach war de Meeschtbidenden an der Stee a

Rétrospective

Démolition de la maison "Forrett"

Dans l'intention de procéder à une **rénovation partielle** de la maison, l'ancien collègue échevinal avait signé, juste avant la fin de son mandat, des engagements auprès de diverses entreprises pour une valeur approximative de 150.000 €.

Après les élections communales de 2011 les membres de la nouvelle majorité politique (LSAP-DP) ont, après une visite des lieux, décidé de ne pas poursuivre l'idée de la rénovation de l'immeuble en question.

Un grand merci aux entreprises, qui ont accepté d'annuler les commandes obtenues auparavant.

La décision prise par la coalition LSAP-DP est à reconduire aux faits suivants :

- l'immeuble était dans un état tellement mauvais, qu'il aurait fallu investir approximativement le double de ce qui avait été prévu par le CSV, pour le rendre accessible au public d'après les normes et les standards d'aujourd'hui,
- pour un taux d'utilisation, qui aurait été plutôt faible, les dépenses d'investissement, en corrélation avec les charges récurrentes en matière de fonctionnement et d'entretien ne sont pas justifiables,
- l'acquisition des fonds a été réalisée dans l'esprit de créer pour la commune de Dippach une réserve de propriétés foncières, qui pourra servir au futur à de multiples usages dans l'intérêt public,
- pour ce site magnifique on doit éviter absolument à se bloquer toute possibilité d'une utilisation future plus rationnelle de l'ensemble de la surface à disposition,
- en attendant de voir plus clair quant à l'évolution des moyens de financement de notre commune, qui est étroitement liée au développement de l'économie de notre pays, il est opportun de créer sur le site en question, du moins pour une phase transitoire, un parking public, qui servira à soulager la situation parfois difficile sur le parking de la mairie.

A noter finalement que le coût de la démolition et de l'aménagement du parking s'élève à 27.000 €.



Réckbléck

Ofrappen vum Forrett's Haus

konnt fir 1,1 Milliounen € Besëtzer vun de Gebaier ginn.

2011 huet den ale Schäfferot d'Ställ ofrappe gelooss (Käschten: 78.000 €), ouni eppes um Familjenhaus ze änneren.

An der Absicht fir eng **deelweis Renovéierung** vum Haus ze maachen, huet den ale Schäfferot, just virum Enn vun hirem Mandat, Engagementer mat verschiddene Betriber ënnerschriwwen fir ongeféier 150.000 €.

No de Gemengewahle vun 2011 hunn d'Membere vun der neier Majoritéit (LSAP-DP) no enger Visite op der Plaz decidéiert fir d'Iddi vun enger Renovatioun net weider ze verfollegen.

E grouse Merci geet un d'Betriber déi acceptéiert hunn fir di verschidde Bestellungen ze annulléieren.

Decisioun vun der LSAP-DP Koalitioun baséiert op folgenden Tatsaachen:

- d'Gebai war an engem därmoosse schlechten Zoustand dat een ongeféier dat duebelt hätt missen investéiere wéi dat wat vun der CSV virgesi war, fir d'Gebai dem Public no de Normen an Standarde vun haut

zougänglech ze maachen,

- fir eng niddreg Ausnotzung sinn d'Investitiionsausgaben an di lafend Käschte fir d'Fonctionnement an den Ënnerhalt net gerechtferdegt,
- d'Uschafung vun de Fongen ass geduecht gewiescht fir der Gemeng eng Reserve u Grondstécker ze schafen, déi an Zukunft fir verschidden Uwendungen am Intressi vun der Bevëlkerung genotzt kënnen ginn,
- et dierf een sech dëse wonnerbare Site net fir e méi rationalen zukünftegen Notze blockéieren,
- bis eng méi kloer Aussicht iwwert Finanzmëttele vun eiser Gemeng besteet, déi ganz staark un d'Entwécklung vun der Wiirtschaft vun eisem Land gebonnen ass, ass et ubruecht fir op dem betraffene Site während enger Iwwergangsphas, en ëffentleche Parking ze maachen, deen d'Parkplazproblemer bei der Gemeng soll reduzéieren.

Et bleift ze notéieren dat d'Käschte vum Ofrappen an d'Ariichte vum Parking sech op 27.000 € belafen.

Rétrospective

Fête du personnel / Eco Center

Réckbléck

Personalfeier / Eco Center



13 janvier 2012 | A l'occasion de la fête du personnel plusieurs conseillers, fonctionnaires et employés de la commune de Dippach ont été mises en évidence pour leur longue collaboration.

13. Januar 2012 | Bei der Geleeënheet vun der Personalfeier sinn eng Réi laangjäreg Konselljeeën, Beamten an Employéë vun der Gemeng Dippech gééiert ginn.

- Conseillers communaux sortants
 - ▶ Mme Gaby Schaul-Fonck
 - ▶ M. Robert Mischo
 - ▶ M. Jean-Paul Rischard
- Administration communale de Dippach
 - ▶ M. Claude Elsen (20 ans de service)
 - ▶ Mme Theis-Ecker Martine (20 ans de service)
- Instituteurs à l'école de Schouweiler
 - ▶ Mme Catherine Putz-Grimée (20 ans de service)
 - ▶ Mme Marie-Josée Wiltzius (Retraite après 32 ans de service)
 - ▶ M. Robert Kass (Retraite après 38 ans de service)
- Pompier
 - ▶ M. Pierre Witry (20 ans de service)



2 mars 2012 | Signature de la convention sur l'utilisation du Eco Center à Bascharage entre les communes de Käerjeng et Dippach. Des problèmes d'ordre technique font qu'une date précise pour la mise en exploitation ne peut être avancée à l'heure actuelle.

2. Mäerz 2012 | Ënnerschrëft vun der Conventioun fir d'Benotze vum Eco Center zu Käerjeng tëschent de Gemenge Käerjeng an Dippech. Technesch Problemer erlaaben et zur Zäit net e genauen Datum fir d'Eröffnung ze nennen.

Rétrospective

CC Norbert Sassel / Grand Nettoyage

Réckbléck

CC Norbert Sassel / Grouss Botz



Février/mars 2012 | Le centre culturel Norbert Sassel à Bettange-sur-Mess a été complètement repeint de l'intérieur.

Februar/Mäerz 2012 | De Kulturzentrum Norbert Sassel zu Betten op der Mess krut bannen e komplett néien Ustrach.



17 mars 2012 | La commune de Dippach a organisé, en collaboration avec la commission de l'environnement et avec le soutien des éclaireurs et éclaireuses des Dippecher Dachsen et de leur amicale, une grande action de nettoyage.

Le but était d'enlever sur les parties publiques de nos localités les ordures qui y ont été laissées par certaines personnes. 6000 litres d'ordures resp. environ 0,5 tonnes ont été enlevés.

Le collège échevinal remercie les plus de 70 participants pour leur effort dans le maintien de la propreté dans notre commune.

17. Mäerz 2012 | An Zesummenaarbecht mat der Ëmweltkommissioun a mat der Ënnerstëtzung vun den Dippecher Dachsen an hirer Amicale huet d'Gemeng Dippech nees eng grouss Botzaktioun organiséiert.

Hei ass et drëms gaang am öffentleche Raum vun eisen Dierfer, d'Natur vun dem Offall ze befreien dee vu verschiddenen Zäitgenossen do hannerlooss ginn ass. Et si 6000l resp. ongeféier 0,5 Tonnen Dreck ewech geholl ginn.

De Schäfferot bedankt sech bei de méi wéi 70 Bedeelegte fir hiren Asaz beim Erhale vun der Propretéit an eiser Gemeng.



Calendrier des manifestations

Kalenner vun de Manifestatiounen

Avis aux dirigeants intéressés de tous les clubs ayant leur siège social dans la commune de Dippach.

L'administration communale tient à informer qu'elle vise à mettre à disposition du public une vue globale sur l'ensemble des manifestations organisées sur le territoire de la commune de Dippach.

Dans le cadre de cet objectif, nous lançons un appel aux associations concernées de collaborer et d'envoyer les données utiles relatives aux manifestations concernées (fêtes, réunions, etc) à l'admin. communale, de préférence via courriel: commune@dippach.lu

La publication est prévue suivant les modes suivants:

1. Sur le site internet de la commune dans la rubrique Agenda (www.dippach.lu/agenda)

Dès que les décisions nécessaires, liées à l'organisation d'une manifestation précise, ont été prises, les associations peuvent envoyer à la commune le détail des informations, comme: date, heure, endroit, objet de la manifestation, éventuellement personnes de contact, réservation, ...

A préciser également qu'il est possible d'attacher au sujet de la manifestation l'affiche correspondante, élaborée par les clubs. Elle peut évidemment être remise à une date ultérieure à celle de l'envoi des informations initiales.

2. Au bulletin commun

Les données recueillies, qui seront publiées dans les bulletins communaux, seront publiées sous forme de

Il est prévu de couvrir

Au cas où une réservation est nécessaire, prière de communiquer les données des manifestations à publier.

Agenda		Retour
← 2012 →	← mars →	Catégorie: Toutes
22	Grouss Kledersammlung Ramassage de vieux vêtements (textiles de tous genres)	Autres
25	Kaffisstuff Fraen a Mammen Betténg-Mess invitéieren an hier Kaffisstuff	Fêtes

Avis un d'Responsabel vun all de Veräiner déi hire Sätz an der Gemeng Dippech hunn.

D'Gemeng wëllt den Awunner eng Iwwersiicht vun all de Manifestatiounen déi um Territoire vun der Gemeng Dippech organiséiert ginn zur Verfügung stellen.

An dësem Sënn lancéiere mir en Appel un di betraffe Veräiner fir matzehëllefen an di néideg Date vun de Manifestatiounen (Feieren, Reuniounen, etc) un d'Gemeng ze schécken, am léifste per Email: commune@dippach.lu

D'Publikatioun ass op folgend Aart a Weis virgesinn:

1. Um Internetsite vun der Gemeng an der Rubrik Agenda (www.dippach.lu/agenda)

Soubal di néideg Decisioune betreffend d'Organisatioun vun enger Manifestatioun geholl sinn, kënnen d'Veräiner di detailléiert Informatiounen (Datum, Auerzäit, Plaz, Aart vun der Manifestatioun, eventuell Kontaktperson(en), Reservatioun, ...) un d'Gemeng schécken.

Et ass och méiglech eng Affiche vun der Manifestatioun mat ze schécken, déi dann och um Site affichéiert gëtt. Dës Affiche kënn dir och zu engem spéidere Moment nach era ginn.

dee Moment wou de bel sinn, ginn am Buet che).

de vun 3-4 Méint am

m Gemengesall néideg ofzewaarden ier dir eis

Date vun der Manifestatioun matdeelt.



Calendrier des manifestions

Kalenner vun de Manifestatiounen

QUAND	QUOI	OU	QUI	CONTACT
29/04/2012	1. Communion	Schouweiler Eglise		
01/05/2012 14h00	Ouverture de la saison avec tournoi	Clubhouse	Tennis Club Dippech	Tél.: 661 54 74 90
04/05/2012	Jour de pèlerinage			
12/05/2012 11h00	Holzstee	Lieu-dit « Dieden Acht »	Commune de Dippach	Tél.: 621 202 152 (Lu-Ve: 8h00 - 17h00)
15/05/2012	Conférence sur les maladies inflammatoires et rhumatismales	Bettange-sur-Mess CC Norbert Sassel	Croix Rouge Local	
17/05/2012	Café-Concert	Schouweiler Home St Joseph	Fénkelcher	
02/06/2012 14h00	Hämmelsmarsch	Sprinkange, Schouweiler	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
03/06/2012 8h00	Hämmelsmarsch	Schouweiler	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
03/06/2012	Schuller Kiermes	Schouweiler		
09/06/2012 10h30	Microissant	Schouweiler Salle de musique	Comm. des affaires cult. et des fest. communales	
09/06/2012 11h30	Concerts par des ensembles de la "Käerjenger Musekschoul"	Schouweiler Salle de musique	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
09/06/2012 Après-midi	"D'Instrumenter kenne léieren a selwer probéieren"	Schouweiler Salle de musique	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
09/06/2012 14h00	Buvette, Grill & Gourmandises	Schouweiler	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
10/06/2012 11h30	Dachse Kiermes	Schouweiler Home Scout	Dippecher Dachsen	
23/06/2012 19h00	National Feiertag Te Deum & Fête populaire	Schouweiler		
01/07/2012 15h00	Museksfest	Schouweiler Parc de la mairie	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
07/07/2012 - 08/07/2012	Pow-Wow	Schouweiler Home Scout	FNEL & Dippecher Dachsen	
10/07/2012	Confirmation pour la paroisse 'Vun der Mess'	Reckange-sur-Mess Eglise		
13/07/2012 20h00	Concert 'Spréngeng Rockt'	Sprinkange Place de l'Eglise	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
15/07/2012 11h30	Concert Apéro (dans le cadre du 'Poarfest')	Schouweiler Home St Joseph	Fanfare Schouweiler Sprinkange	

Des
informations
plus détaillées,
si disponibles, seront
publiées sur:
[www.dippach.lu/
agenda](http://www.dippach.lu/agenda)



macommune.lu
MA COMMUNE EN LIGNE AVEC MOI

Le service 'MaCommune' offre la possibilité aux citoyens de réaliser certaines démarches administratives sans déplacement à la mairie et à tout moment (24h par jour / 7 jours sur 7). Ce service pourra contribuer à faciliter notablement les relations avec l'administration communale.

En septembre dernier tous les ménages de la commune de Dippach ont reçu 2 courriers avec leur carte d'accès et le code d'activation pour la première connexion à MaCommune.

Si vous avez des questions ou des problèmes de connexion, n'hésitez pas à contacter le service de l'administration communale au 31 ou par mail à hastert@dippach.lu

Extrait des services disponibles :

- Demande de certificats
 - ▶ Certificat de résidence administratif
 - ▶ Extrait du registre de la population
 - ▶ Certificat de composition de ménage
 - ▶ Autorisation parentale
- Consultation des factures

Le service 'sms2citizen' est un service d'information et d'alerte gratuit qui vous permet de recevoir des informations importantes de la commune (p.ex. coupure d'eau, problème dans le trafic,...) directement sur votre GSM. Vous pouvez vous inscrire via le site www.dippach.lu ou www.sms2citizen.lu.

De Service 'MaCommune' bitt den Awunner d'Méiglechkeet fir verschidden administrativ Demarchen ze erleedegen ouni sech missen op d'Gemeng ze deplacéieren, an dat zu all Moment (24 Stonnen den Dag / 7 Deeg an der Woch). Dëse Service dréit dozou bäi fir d'Relatiounen mat der Gemengeverwaltung ze vereinfachen.

Leschte September krut all Stot an der Gemeng Dippach 2 Bréiwer heemgeschéckt mat enger Accesskaart an engem Code d'activation. Fir d'Connectioun ze maachen.

Si Dir hutt Problemer mat der Aktivatioun, hutt, kontaktéiert den Här Claude Hastert am 31 oder per Mail op hastert@dippach.lu



Auszuch vun den aktuell ugebuedene Services:

- Ufro vu Zertifikaten
 - ▶ Certificat de résidence administratif
 - ▶ Extrait du registre de la population
 - ▶ Certificat de composition de ménage
 - ▶ Autorisation parentale
- Konsultatioun vun ären Rechnungen

De Service 'sms2citizen' ass e gratis Informatiouns- an Alarmservice deen et lech erméiglecht vir wichteg Informatiounen vun der Gemeng (z.B. Waasserfuite, Problemer am Trafic,...) direkt op ären Handy geschéckt ze kréien. D'Aschreiwung kënn dir um Site www.dippach.lu oder www.sms2citizen.lu machen.

Musicroissants

**Samschdeg 9. Juni 2012, 10.30 Auer,
am Musekssall (Gemeng) zu Schuller
mat den
"Echternocher Troaterbattien"**

"Musicroissants" sinn pädagogesch, interaktiv Concerte fir Kanner (vun 3 bis 10 Joer), déi op eng originell Aart a Weis d'Museksinstrumenter virgestallt kréien. Organiséiert ginn dës Concerte vun de "Jeunesses Musicales du Luxembourg".



«Musicroissants», des concerts pédagogiques et interactifs pour enfants (de 3 à 10 ans), qui d'une manière animée présentent les différents instruments de musique. L'organisateur de ces concerts sont les Jeunesses Musicales du Luxembourg.

An der Gemeng Dippech, am Proufsall vun der Fanfare Schuller-Spréngeng, hält den Ensembl säi jonkt Publikum mat op eng spilleresch Entdeckungsrees an d'Welt vun de Blechblos-instrumenter. Virum Concert kritt all Kand e Croissant an e Schocky oder en Orangëjus.

Lors de la séance dans la salle de musique de la Fanfare de Schouweiler-Sprinkange (mairie à Schouweiler), l'ensemble conduit son jeune public à travers le monde des instruments à vent. Avant le concert, chaque enfant reçoit un croissant et du lait au chocolat ou un jus d'orange.

Aus organisatoresche Grënn, muss Dir lech bis den 1. Juni 2012 am Gemengesekretariat umellen, iwwert d'E-Mail commune@dippach.lu oder Telefon: 37 95 95-28.

Réservations jusqu'au 1^{er} juin 2012 au secrétariat communal, par courriel commune@dippach.lu ou par téléphone 37 95 95-28.

Den Entrée ass fräi.

Entrée libre

10.30 Auer: Spektakel Musicroissant
11.30 Auer: Concert Apéro mat Ensembelen aus der Käerjenger Musekschoul
13.00 Auer: Porte Ouverte
Fanfare Schuller-Spréngeng

10h30: Musicroissant
11h30: Concert Apéro par des ensembles de l'école de musique Käerjenger Musekschoul
13h00: Porte Ouverte
Fanfare Schouweiler-Sprinkange

Coordination: André Weis, Raoul Wilhelm (Layout)




Commune de Dippach
Commission des affaires culturelles
et des
festivités communales





60^e Festival de Wiltz

du 25.06.2012 au 31.07.2012



**Arena Show & Entertainment
et Musicaltheater Brno
présentent «West Side Story»
de Leonard Bernstein**

Régie: Stanislav Moša
Direction musicale: Emil Skoták
avec chœur, ballet et orchestre

Situé dans le New York du milieu des années 50, l'intrigue présente la rivalité entre deux bandes de jeunes d'origine ethnique et culturelle différentes. Tony, l'un des Jets, tombe amoureux de Maria, la sœur du chef des Sharks. La noirceur du thème, la musique sophistiquée, l'importance des scènes de danse, l'accent mis sur les problèmes sociaux ont marqué le théâtre musical. La partition de Bernstein est devenue extrêmement populaire grâce à des airs comme «Something's coming», «Maria», «Tonight», «I feel pretty», «One Hand one Hear »...

Samedi 28 juillet 2012

Départ en Bus à Schouweiler: 18h30

Spectacle: 20h45 - 23h30

Retour à Schouweiler: vers 00h30

Prix par personne: 63 euro

Réservation: Secrétariat communal, commune@dippach.lu, tél: 37 95 95-28

Clôture pour l'inscription: 25 mai 2012

Réservation seulement valable après paiement du (des) ticket(s) suivant confirmation du secrétariat communal



Commune de Dippach
Commission des
affaires culturelles
et des
festivités communales

Coordination: Robert Mischo - Layout: Raoul Wilhelm



Dienstleistung „Haushaltshilfe“

Haushaltshilfe für Menschen ab 60 Jahre und/oder für hilfsbedürftige Personen

Das Leistungsangebot beinhaltet Reinigungsarbeiten aller Art (im Haus) sowie verschiedene Haushaltsarbeiten wie Vorhänge abnehmen, waschen und wieder aufhängen usw.

Preis inkl. MwSt.: 13 Euro / Stunde

Service d'aide ménagère

Assistance à domicile pour personnes à partir de 60 ans et/ou personnes dépendantes

L'aide-ménagère prend en charge des travaux de nettoyage de toute sorte (dans la maison) ainsi que différents travaux ménagers, comme par exemple décrocher des rideaux pour les laver et ensuite les accrocher de nouveau.

Prix t.t.c.: 13 euros / heure

Renseignements supplémentaires / Weitere Informationen

CIGR DIREGA

Tél.: 26 37 05 76 - Fax: 26 37 06 82

E-mail: direga@cig.lu - <http://direga.cig.lu>

Heures d'ouverture: du lundi au vendredi - 8.00 à 16.00 heures
Öffnungszeiten: Montag bis Freitag - von 8.00 bis 16.00 Uhr

Annuaire de la commune de Dippach

Mairie à 11, rue de l'Eglise / L-4994 Schouweiler

Adresse postale: B.P. 59 / L-4901 Bascharage

Tél.: 37 95 95 - 1 / Fax: 37 95 95 - 95

Internet: www.dippach.lu / commune@dippach.lu

Lundi, mardi et jeudi 08.00 - 12.00 et 14.00 - 17.00

Mercredi 07.30 - 12.00 et 14.00 - 17.00

Vendredi 08.00 - 12.00

Collège des bourgmestre et échevins

Ady HAHN, bourgmestre..... 37 95 95 - 21

Max HAHN, 1^{er} échevin..... 37 95 95 - 22

Romain HAAS, 2^e échevin..... 37 95 95 - 23

Entrevues (sur rendez-vous):..... 37 95 95 - 20

Bureau de la population

Myriam BINZ.....37 95 95 - 1

Courriel.....binz@dippach.lu

- Cartes d'identité / passeports

- Déclarations d'arrivée et de départ

- Certificats divers

Etat civil

Elvira MARCHESE..... 37 95 95 - 25

Courriel.....marchese@dippach.lu

Annick KRECKÉ-ENGEL..... 37 95 95 - 29

Courriel.....engel@dippach.lu

- Etat civil / Indigénat

- Listes électorales / Cartes d'impôt

Secrétariat

Claude ELSÉN.....37 95 95 - 20

Courriel.....elsen@dippach.lu

- Relations avec le collège échevinal

- Affaires scolaires et sociales

Karin MORO-BINTNER..... 37 95 95 - 28

Courriel.....moro@dippach.lu

Diane BISENIUS-FEIPÉL..... 37 95 95 - 26

Courriel.....feipel@dippach.lu

- Commodo-incommodo

- Chèques-services / Repas sur roues

Claude HASTERT..... 37 95 95 - 31

Courriel.....hastert@dippach.lu

Dr. Jil Koullen.....37 84 91

Médecin Généraliste (119, route de Longwy Schouweiler)

Patty CALMES-NEUEN.....26 38 11 - 1

Kinésithérapie (9, place de l'Eglise - Sprinkange)

Manuel HITA CORTES.....37 81 33

Kinésithérapie (76, route de Luxembourg - Dippach)

Pharmacie des 3 Cantons.....54 03 44

Jacques CUVÉLIER (88, route de Longwy - Schouweiler)

Analyses de sang (Ecole préscolaire Schouweiler)

Lundi, mercredi et vendredi de 7:00 - 8:30

Recette

Martine THEIS-ECKER..... 37 95 95 - 30

Courriel.....theis@dippach.lu

Jean MICHAELIS..... 37 95 95 - 27

Courriel.....michaelis@dippach.lu

- Impôt foncier / paiement factures

- Recouvrement des créances

- Office social: paiements

Service technique

Serge TANSÓN..... 37 95 95 - 40

Courriel.....tanson@dippach.lu

- Autorisations de construire

- Procédures PAP et PAG

- Chantiers communaux

Dan JUNGERS..... 37 95 95 - 41

Courriel.....jungers@dippach.lu

- Canalisation / conduites d'eau

- Signalisation routière

- Espaces verts / aires des jeux

Assistance sociale

Rita WELTER-ECKER..... 37 95 95 - 45

- Médecine scolaire

- Permanence: Mardi 09.00 - 11.00

Rachel BONTE / Christiane WILMES..... 37 95 95 - 60

- Office social

- Permanence: Mercredi 10.00 - 11.00

Garde-forestier

Alain SCHOMER.....45 80 83 - 32 / 621 20 21 52

Courriel.....alain.schomer@ef.etat.lu

- Permanence: Lundi-vendredi 08:00 - 17:00

Ecole centrale

Conférence..... 26 37 21 - 61

Concierge Roby MEIS.....26 37 21 - 50

Courriel.....meis@dippach.lu

- Bâtiments communaux

- Réservation centres culturels

Précoce Bettange.....26 37 42 10

Maison Relais.....26 37 03 89

Foyer du jour Kannernascht Dippach

Nadine SCHANDELER.....26 37 42 01

Hall sportif (cabine publique).....37 86 87

Divers

Secours d'urgence.....112

Urgences - Police Grand-Ducale.....113

Police Grand-Ducale Bertrange.....244 322 00

Sapeurs-pompiers Bettange.....661 37 95 92

Sapeurs-pompiers Dippach.....661 37 95 93